

Här Mars Di Bartolomeo  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2017

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Justizminister, un den Här Minister fir bannenzeg Sécherheet an un den Här Minister fir den öffentliche Déngscht weiderzeleeden.

*De Staat huet eng grouss Zuel u verschiddene Gefierer an et si vill Leit habilitéiert fir op deene Gefierer ze fueren oder si mat engem Chauffeur ze benotzen. Joer fir Joer ginn honnerttausende vu Kilometer mat esou Ween gefuer. Zënter datt automatesch Radaren agefouert goufen, fix oder mobil, si wahrscheinlech och schonn esou Ween geblëtzt ginn.*

Dowéinst wollt ech der Regierung dës Froe stellen :

- 1) Wann e staatlecht Gefier geblëtzt gëtt, gëtt et eng Prozedur fir feststellen op dee Won am Kader vun engem déngschtleschen Optrag ënnerwee war oder net?
- 2) Wann de Chauffeur vun dem Déngschtwon dee geblëtzt gouf identifizéiert gëtt, an de Won am Déngscht ënnerwee war, wie bezillt dann d'Strof?
- 3) Wann e Virgesetzte vum Chauffeur am Auto sëtzt, deen eventuell presséiert ass an dat dem Chauffeur matgedeelt huet, oder wann et déngschtlesch Grënn gëtt fir eventuell méi séier ze fueren, wéi ass d'Rechtssituatioun an esou Situatiounen?
- 4) Wéi ass d'Rechtssituatioun wann en Auto mat enger bloer Luucht ënnerwee ass?
- 5) Riskéiert e Chauffeur eventuell eng disziplinaresch Affär och wann hien d'Amende bezuelt huet? Wéi ass do d'Rechtssituatioun a wéi sinn d'Prozeduren?
- 6) Gouf et schonn esou Problemer wéi déi, déi an dëser Fro ënner 2 bis 5 beschriwwen goufen a wéi eng Ministère, Administratiounen oder staatlech Servicë sinn heivu betrafft? Besteet eventuell en erhéichte Rechtsrisiko fir Chauffeuren aus Administratiounen déi fir d'Sécherheet vum Land a senge Bierger zoustänneg sinn doduerch, datt se dacks an och dacks méi séier musse mam Déngschtauto ënnerwee sinn?

Mat déiwem Respekt



Fernand Kartheiser

Deputéierten